N°463
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet an sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 463 vum 13. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

*- Féiert d'Santé Statistiken iwwer d'Zuel vun de Leit, déi an der Bevëlkerung géint Tetanus geimpft sinn? Wa jo, wéi héich ass dëse Prozentsaz an de verschiddenen Alterskategorien?*

D'Santé mécht all 4 Joer eng Enquête iwwert d'Couverture vaccinale bei de Kanner am Alter vu 25-30 Méint. Am Joer 2023 gouf festgestallt, datt 93.1% vun de Kanner déi 4 Basisimpfunge géint ënner anerem Tetanos kruten. Dëst ass liicht besser wéi 2018 wou dësen Taux bei nëmmen 89.6% louch.

*- Wéi vill Leit sinn an de leschten zéng Joer un Tetanus verscheet an a wéi engem Alter ?*

Laut Register vun den Doudesursaachen, si keng Doudesfäll am Zesummenhang mat Tetanos an de leschten 10 Joer bekannt.

*- Plangt d'Santé fir d'Leit ze sensibiliséieren dës Impfung a reegelméissegen Ofstänn maachen ze loossen?*

D'Divisioun vun der Preventivmedezin kommunizéiert reegelméisseg a sensibiliséiert generell iwwer d'Wichtegkeet vun den Impfungen, besonnesch wärend der Europäescher Woch vun den Impfungen (dëst Joer vum 21-27 Abrëll).

*- Wéi vill elektronesch Impfcarneten (CVE) goufe bis haut aktivéiert?*

Laut de Statistike vun der Agence eSanté, sinn op de 27. Mäerz 2023, 35.904 CVE aktivéiert.

*- Wéi vill Dokteren notzen den Outil vum CVE, opgeschlësselt no Spezialisatioun?*

Säit den zwee Joer wou den elektroneschen Impfpass agefouert gouf, hu 416 Dokteren hiren Interessi um CVE ausgedréckt a kruten eng perséinlech Formatioun. Et sinn dëst:

- 333 Generalisten
- 51 Pediateren
- 16 Gynekologen
- 9 Internisten
- 3 Orthopeden
- 4 "autres spécialités"

Ze bemierken ass, datt 283 Dokteren de CVE aktiv benotzen, d.h. datt en net just aktivéiert ass, mee datt och wierklech Donnéeën saiséiert gi sinn.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez